KÄLTÉITENG

Bulletin Communal
Juin 2016

Séance du 3 juillet 2015
Sëtzung vum 3. Juli 2015

KAYL_BUET_126juin2016_print.indd 1 01/06/16 15:32

KAYL_BUET_126juin2016_print.indd 3004 01/06/16 15:32

Gemengerot
Sëtzung vum Freiden, 3. Juli 2015

Präsenz : John Lorent, Buergermeeschter, Patrick Brücher, Marcel Humbert, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Patrick Krings, Nico Migliosi, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseiller, Nadine Braconnier, Sekretärin.

Entschëllegt : Viviane Petry

Ordre du jour :

1. **Korrespondenz an Informatiounen**

2. **Kontrakter, Konventiounen**
   - *Konventioun Night Rider*

3. **Office social**
   - *Compte 2014*

4. **Schoul**
   - *Provisoresch Schoulorganisatioun 2015/2016*

5. **Finanzen**
   - *Fixatioun vum taux vum "impôt foncier"*
   - *Fixatioun vum Taux vum "impôt commercial"*

6. **Kultur**
   - *Aschreiwung op den Inventar vun nationale Monumenter: Nationaalt Biergaarbechter Monument an Grotte Léiffrächen*

7. **Personal**
   - *Apprentissage DAP*
   - *Apprentissage adulte*

8. **Punkte vun de Conseilleren Jean Weiler, Patrick Krings an Romain Becker**

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dir Dammen an dir Hären, ech géif déi ëffentlech Sitzung opmaachen an profitéieren fir d'Viviane Petry ze entschëllegen. Ech hunn him gesot hat kann eis um Livestream verfollegen an kucken wat mir verbriechen an vun eiser Säit aus eng gutt Besserung wënschen. Dann zwou Kommunikatiounen, déi di duerch d'Duerf zirkuléiert sinn hu villäicht scho gesinn, dass die éischt "mesures de sécurité" amgaang sinn opgeriicht ze ginn, se sinn nach net ganz fäerdeg, ech schwätzen do vun der Néistrooss do feelt de Pavé nach, dat maachen eis Servicer, zu Téiteng beim Terrain hu mir d'Bande gezeechent, fir dass d'Kanner kënne sécher an d'Schoul goen, an d'Zeechnen vun den Voien am Brill sinn och gemaach.
Dat zweet sinn d'Temperaturen. Mir hu jo héieren, dass eng Partie Gemengen de Kanner de Mëtte scho fräi ginn hunn an ech ginn an dem Kontext dem Schoulschäffen d'Wuert.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Ech géing gären de Gemengerot an d Ëffentlechkeet informéieren, dass mir fir Méindes mëttes an Dënschdes moies décidéiert hunn de Kanner hetzefräi ze ginn, gesat d'Temperaturen ginn net erof. Et gesäit net esou aus wei wann et géing méi kill ginn, sou dass dann Méindes moies normale Schoulbetrib ass an mëttes fräi wär an Dënschdes moies och. Den Accueil leeft natierlech. Haut de Moien waren et an de Klassesäll am Faubourg um aacht Auer 34 Grad, dat ass natierlech net drobar.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Ech ka mech erënneren als Kand, dass scho riets war iwwer hetzefräi, mee et war nach ni de Fall. Madame Braconnier, ier mir dann weider ginn, bieden ech iech festzestellen ween als éischt aus der Urne gezunn gëtt ... den Här Brücher.

2. Kontrakter, Konventiounen

2.1. Konventioun Night Rider

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dir wësst, dass mir en begrenzte Kontrakt hunn bis den 31. August mat Sales Lentz fir de Service Night Rider. Mir hunn en Courrier kritt am Mäerz vum MDDI an am Mee vu Sales Lentz an eis Madame Sekretärin huet sech mat Sales Lentz concertéiert, an dem Sënn hu mir eng falsch Interpretatioun vun der Note vum Ministère, et ass net esou, dass de Subside komplett gestrach ass, mee de Subside gëtt net méi un de Prestataire verséiert, mee un d'Gemeng. Den MDDI subventionéiert mat engem fixe Subside vu 500 Euro d'Joer d'Gemengen déi de Service ubidden, an e forfaitaire Subside vun engem Euro pro Awunner, dat sinn 9.900 Euro. De Käschtepunkt ass no engem Erfahrungswäert vun der Madame Sekretärin ausgerechent ginn, an der Moyenne waren dat ëmmer 14.000 Euro d'Joer, sou dass wa mir d'Ausstelle vun de Kaarten dobäi rechnen, e Coût vun 8.200 Euro erauskënnt, dat Ganzt kascht Brutto 22.600 Euro. Wa mir de Subside ofrechnen kascht dat d'Gemeng fir e Joer 13.000 Euro. Dat ass dat wat mir ze bezuelen hu wa mir mat dem Service weider fueren ab dem 1. Januar 2015. De Schäfferot ass ob alle Fall der Meenung dass mir de Service weider sollen ubidden ënner deenen Konditiounen an dat ass d'Propositioun déi mir dem Gemengerot

machen, ab dem 1. September mat der Konventioun virunzefueren.

Patrick Krings (Conseiller, DP)
Mir sinn averstan dëse Service weider ze feieren. Ech wollt awer nach wëssen wéivill Léit den Night Rider an eiser Gemeng notzen?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Do ginn et Statistiken, Madame Braconnier? Mir schécken iech se.

José Gonçalves (Conseiller, CSV)
Ech wollt wëssen op den Här Siedler gefrot ginn ass, vu dass hien jo hei an der Gemeng ass.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Den Här Siedler ass net gefrot ginn well dëst e Service ass deen iwwert de ProSud am Prinzip agefouert ginn ass. An ech muss iech och soen, déi Gestioun vun den Awunner mat de Kaarten, dat kascht an do muss een outilléiert sinn fir dat ze maachen. Ech well elo näischt géint den Här Siedler soen mee dat erfuerdert schonn eng gewësse Logistik. Mir hunn e Prestataire an dee fiert mat dem Service virun, also ass hei d'Äntwert Nee.

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Mir hätten den Här Siedler net kenne froen, den MDDI huet schonn Ofkommes mam Sales. Et ass eng gutt Saach, dass eis Gemeng de Service ubitt an hoffentlech gëtt en nach e bësse méi profitéiert an Zukunft.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Déi di mat der Konventioun mat Sales Lentz d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

VOTE UNANIME

3. Office social – compte 2014

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Komme mir zum Compte 2014 vum Office social, dir hutt e gesinn an wësst, dass dat "moutarde après diner" ass. Den Här Daubenfeld hat virun zwou Sitzungen iwwert d'Aktivitéiten vum Office social am Joer 2014 geschwat, dir musst elo d'Comptabilitéit guttheeschen déi op den 31. Dezember ofgeschloss war, ech weess net op do Wuertmeldunge sinn? Den Här Daubenfeld als President vum Office social.

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Just eng Präzisioun Här Buergermeeschter, jo et ass "moutarde après diner" a mir loossen eis als Verwaltungsrot net gären an d'Comptabilitéit draschwätzen. Ech hat schonn iwwert d'Aktivitéite geschwat, et sinn déi Saachen déi mir fir déi bedürftegst Leit gemach hunn an mir mussen och an dem Sënn weider schaffen, mir wäre frou wa mir kéinte mam Budget erofgoen mee et ass net esou einfach.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Ech sot schonn oft "les chiffres sont têtus". Ech géing de Compte 2014 zum Vote stellen: déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

VOTE UNANIME

4. Provisoresch Schoulorganisatioun 2015/2016

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Komme mir zur "pièce maitresse" 4 Deeg nom Termin, de Schäffen Patrick Brücher stellt eis déi provisoresch Schoulorganisatioun 2015/2016 vir.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Ech stellen iech d'Eckdaten vun der Schoulorganisatioun vir, ech fänken mam PRS un. Den PRS huet zwee Haptobjektiver, d'Sproochentwécklung am Cycle 1 bis 3 an d'Verbesserung vum Schoul-Klima. Déi der Sproochentwécklung sinn e puer Mesurë geplangt fir dat neit Schouljoer, et gëtt en weider Konferenz iwwer d'Entwécklung vun der Mammesprooch mat den Elteren vum Cycle 1 an Zesummenaarbecht mat der UNI.LU geplangt. Mir haten an dem Kader schonn d'lescht Joer eng Konferenz, dat war eng Informatiounsversammlung dei vill Uklang fonnt huet an mengen ech den Elteren vill bruecht huet.

Zweetens gëtt eng Informatiounsversammlung an eng Brochure an Zesummenaarbecht mat Baby+ gemach, fir d'Kanner ënner dräi Joer, och am Kader vun der Sproochentwécklung. D'Eltere ginn opgefuerdert de Bilan 30 zur Kapazitéit vun der Mammesprooch vun hire Kanner ënner 30 Méint auszefëllen. Dat ass en Dokument den e Bilan vun der Sproochentwécklung vun de Kanner opstellt an hëlleft e weideren Dépistage de Kanner z'assuréieren.

Am Cycle 1 soll nieft der serbo-kroatescher "assistance en langue maternelle" och eng portugisesch Assistance agefouert ginn, mir hunn déi néideg Ufroen beim Ministère agereecht an hoffen, dass et wäert méiglech sinn eng weider Assistance z'assuréieren. Mir hunn domat gutt Erfahrunge gemach, mir hunn eng serbo-kroatesch Madame déi iwwer eng "Convention de

Bénévolat" de Kanner an hirer Mammesprooch hëlleft, well di korrekt Entwécklung vun der Mammesprooch noutwenneg ass, dass d'Kanner kënnen aner Sproochen léieren. Di Madame kann serbo-kroatesch an lëtzebuergesch schwätzen, wat eng gutt Viraussetzung ass fir des Assistance well mir ëmmer méi serbo-kroatesch Kanner an eise Schoulen hunn. Dat selwecht gëllt och fir portugisesch Kanner, do wëlle mir och eng Assistance aféieren. Mir haten do Gespréicher mat der portugisescher Ambassade, allerdéngs ass et do esou, dass si nëmme Leit wëllen astellen déi portugisesch an franséisch schwätzen. Dat ass fir eis awer net wënschenswäert well mir d'Bréck wëlle machen tëscht der Mammesprooch vun de Kanner an dem lëtzebuergeschen.

Weider gëtt am PRS de Suivi vun de Kanner mat logopedesche Problemer gemach, hei geet et dorëms méiglechst frei Sproocheproblemer bei de Kanner am Cycle 1 festzestellen an entgéintzewierken. Ausserdem sollen zousätzlech informatesch Léiermëttel agesat ginn. Des Outiel'en erlaben et de Kanner doheem zousätzlech Exercicer mat hiren Elteren ze machen, oder d'Aussprooch vun de Kanner ophuelen sou dass eens ech ënner Kollegen kann concertéieren.
Da ginn och Virliesungen organiséiert, wou Kanner aus dem drëtten an véierten Schouljoer de Kanner aus dem Cycle 1 virliese kommen, net nëmmen op lëtzebuergesch, däitsch a franséisch mee och op portugisesch a serbo-kroatesch. Dat ass e ganz flotten Austausch wann Kanner aner Kanner héieren liesen a schwätzen. An dem Kader soll och weiderhin am Cycle 2 an 3 d'Liesnuescht organiséiert ginn.

Den Austausch an den Iwwergang tëscht dem Cycle 1 an 2 soll vereinfacht ginn, duerch Visiten am Schoulgebai, dass d'Kanner eng besser Virstellung hunn wei et am méi héije Cycle ausgesäit.

An de Schoulgebaier soll e "groupe de travail" geschaaft ginn fir d'Koordinatioun vun deenen verschiddenen Mesuren z'assuréieren. Sou sollen zum Beispill Workshops gemach ginn wou een op ënnerschiddlechen Niveauen ka schaffen. Et geet och dorëms en differenzéierten Unterrecht ze machen wou net nëmmen no de Kompetenzen soll enseignéiert a gehandelt ginn. Zum Schoul-Klima soll och en Aarbechtsgrupp geschaaft ginn de fir méi eng strukturéiert Gestaltung vun de Schoulpausen zoustänneg ass. Et sollen zum Beispill verschidde Spiller op de Biedem vun de Schoulhäff agezeechent ginn.

Wichteg ass och de Projet vun der Mülltrennung, den Uganks vum nächste Schouljoer an de Gebaier uleeft. An der Nuelschoul sinn d'Trennbehälter schonn an de Säll installéiert, d'Gemengepersonal ass amgaang och an de Gäng déi nei Behälter opzeriichten. D'Trennbehälter an de Schoulhäff loossen nach e bëssen op sech waarden well de Schoulhaff zu Téiteng de Moment jo och reaménagéiert gëtt. Nächst Schouljoer sollen och déi aner Gebaier mat dëse Behälteren équipéiert ginn.
Da gëtt un engem pedagogeschen Konzept fir de Léiergaart zu Téiteng geschafft, de vum CIGL géréiert gëtt. Den Interesse ass de Moment ganz grouss mee sprengt awer och d'Kapazitéiten vum Gaart, sou dass een hei no Alternative sicht, zum Beispill bei de Schoulgebaier e klenge Gaart installéieren. Elo ass et esou dass all Klass ee Joer iwwert dat anert ka vum Léiergaart profitéieren.

Dann hu mir nach d'Müllvermeidung déi als Pilotprojet dëst Joer an der Nuelschoul ugelaf ass. Hei geet et dorëms Müll net nëmmen ze trennen mee och ze vermeiden. Hei ginn och d'Elteren an Verantwortung geholl, sou sollen d'Kanner hir eegen Schmiere-Këscht an Bidon matbréngen fir Verpakungsmüll ze vermeiden. D'Schoulkommissioun huet d'Idee opgestallt fir Uganks vum neien Schouljoer all Kand e Waasserbidong vun der Gemeng zur Verfügung ze stellen. D'Gemeng schenkt also all Kand e Bidon fir Plastiksfläschen ze vermeiden.

Och an dem Kader de Projet "e propperen Schoulhaff". Den hat e grousse Succès an der Nuelschoul a soll op de Widdem a Faubourg ausgeweit ginn. Dofir ginn ënnert de Schüler sougenannt Emwëltengelen désignéiert, déi dofir suergen, dass de Schoulhaff propper soll bleiwen. Et ass esou, dass ëmmer een aus engem héijen an nidderege Cycle zesummen duerch den Haff patrouilléieren an déi aner Schüler drop hiweisen, dass si hiren Dreck sollen ewechgeheien. Mir hunn do ganz gutt Erfahrungen gemach.

Dann zur Gewaltpreventioun, dat hunn d'Schüler aus dem Cycle 3 an 4 zesumme mat der Eltereschoul an dem "be secure" organiséiert. Och en Vue vum Cybermobbing ass et wichteg d'Schüler iwwert d'Geforen opzeklären.

Ech well nach betounen dass mir d'Mesuren vum PRS fir dëst Joer zesumme mat der definitver Schoulorganisatioun wäerten presentéieren.

Den zweete Volet ass d'Opdeelung vun de Klassen an den Effektiver, dir gesitt hei eng Tabell pro Gebai.

Am Précoce bleiwe mir bei 4 Klassen, d'provisoresch Schoulorganisatioun gesäit 57 Schüler vir, d'Zuele kennen nach ëmmer änneren wann Eltere plënneren, déi Zuele sinn also mat Virsiicht ze genéissen.

Am Préscolaire bleift et ähnlech, mat 12 Klassen.

Am 2.1 hu mir eng Ännerung um Widdem. Do waren 3 Klassen mat insgesamt 45 Schüler am leschte Schouljoer, dëst Joer hu mir 4 Klasse mat insgesamt 53 Schüler.

Zu Téiteng bléift de Cycle 2.1 d' Selwecht, 3 Klassen mat 41 Schüler.

Am Cycle 2.2 kennt zu Téiteng eng Klass bei, 56 Kanner dëst Joer.

Am Cycle 3.1 bléift alles stabil, jeeweils um Widdem an zu Téiteng sinn 3 Klasse virgesinn.

Am Cycle 3.2 fält um Widdem eng Klass ewech, aus 4 Klassen ginn der 3 gemaach, vun 61 Schüler si mir op 56 gaangen. Mir wollten déi Schüler beieneen halen, sou dass déi an dräi Klassen zesumme kommen. Mir sinn eis bewosst dass d'Effektiver hei méi héich leien mee et ass wichteg, dass déi Frëndschaften déi d'Kanner geschloss hunn kenne bestoen bleiwen.

Am Cycle 4.1 war lescht Joer eng Klass manner, dëst Joer bleiwe mir bei deene 5 Klassen mat insgesamt 77 Schüler.

Dat huet Repercussiounen op de Cycle 4.2, do bleiwe mir bei 5 Klassen. Am Faubourg hu mir 50 Schüler an zu Téiteng 32 Schüler.

Dann zur "occupation des postes", hei gesitt dir déi Posten déi nach net besat sinn. All Posten fir Klasse sinn besat, wat nach op steet sinn Déchargeposten, déi ginn mat der zweeter lescht besat. De Posten fir den "Développement langagier" ass nach ëmmer fräi do siche mir nach eng Persoun fir di logopedesch Betreiung vun de Kanner.

Am September wäert ech dann am Kader vun der definitiver Schoulorganisatioun op de PEP ze schwätze kommen.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Merci Här Brücher, an e Merci un all déi Bedeelegt déi un deem Dokument geschafft hunn. Ech wollt perséinlech ee Wuert verléieren iwwer d'Demographie, dat ass e ganzt wichtegt Element. Wei dir gesitt si mir do nees an engem normalen Duerchschnëtt. Et kennt e Peak am Joer 2020/2021 wou d'Kannerzuel eropgeet, dofir ass och elo de Moment ze plangen, dat brauch seng Zäit mat de Prozeduren, dofir hu mir och en Punkt op der Dagesuerdnung och vun der demokratescher Partei do komme mir drop zeréck.

Dann nach e Wuert zu den Emwëltengelen, mir hunn eng Generatioun hei setzen, den Här Daubenfeld gehéiert dozou ...

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Ech war en Engel ... (laachen)

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dat huet elo keen behaapt! Ech fannen dat eng relativ keck Behaaptung.

Ech wollt soen mat den Emwëltengelen, bei eis am Faubourg war den Schanens Emile, de Concierge, den huet do fir Uerdnung am Schoulhaff gesuergt.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Ech wollt nach eppes soen zum Handy Usage an de Schoulgebaier. Mir hunn do heiansdo Problemer domat, virun allem an de Vestiairen wou d'Léierpersonal natierlech net kann eran goen. Ech well un de Règlement grand-ducal vun 2009 iwwer d'"règles de conduite" erënneren, wou dran ze liesen ass, dass den Telefon muss ausgeschalt sinn während de Schoulstonnen, net nëmmen fir den Unterrecht net ze steieren mee och fir Virfäll ze vermeiden. Ech well drop hiweisen an dorëms bieden, dass do soll Récksiicht geholl ginn. Ech verstinn wann d'Elteren hir Kanner wëllen an engem Noutfall erreechen, mee et ass awer wichteg, dass mir mat deenen Handysgeschichten responsabel ëmginn.

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Merci un déi Equipe déi dëst gemaach huet, un d'Madame Ravarani, och un d'Madame Olsem an fir d'Madame Petry selwer, déi vill doru geschafft huet.

Et sinn eng Partie Kanner déi eis an der Schoul, an ech huelen un, dass dat do ass wou d'Elteren hei Schoul halen, déi net aus eiser Gemeng kommen. Sinn dat se alleguer oder hu mir nach aner Fäll wou mir Kanner an der Schoul hunn déi net an eiser Gemeng wunnen?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Et ginn 4 Fäll wou Kanner déi hei dierfen an d'Schoul goen, dat muss gekläert sinn. Mir hunn do en Tarif de mir bezuelen wann eis Kanner op Rëmeleng ginn an genau esou bezuelen eis och aner Gemengen, mee et sinn nach aner Fäll wei just Kanner vun Enseignanten.

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Okay Merci, dat Dokument ass wierklech ganz iwwersiichtlech.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Des Schoulorganisatioun ass gutt gemach. Mir begréissen, dass d'Klassen net vill Effektiver hunn, wat fir mat de Kanner ze schaffen ganz gutt ass. De PRS ass eng gutt Saach, mir gesinn dass ëmmer méi Kanner mat Schwieregkeeten an der Schoul sinn an wat do éischter agegraff gëtt, dësto besser ass et. Och de Problem vun der Gewalt gëtt beuecht, dat begréisse mir. Hei war

nach eppes fräi, mee dat kennt jo dann am September. Dir hat ugeschwat vun der Organisatioun vun der Paus, mat de Spiller um Buedem, dat ass eng flott Saach. Anerersäits hat een dat net direkt verstan, den Dag ass schonn immens geregelt an wann d'Kanner dann an der Paus och nach musse Regelen beuechten ass dat zevill, mee wei dir dat erkläert hutt, dass si do selbstständeg spillen, ass eng gutt Saach.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Et geet dorëms den Pausebetrib méi sécher ze machen, méi organiséiert. Et geet net dorëms d'Kanner méi anzezwängen, mee méi ze spillen.

Patrick Krings (Conseiller, DP)
Ech well mech do uschléissen an villmools Merci soen fir déi gutt Aarbecht, mee et gëtt näischt neies ze soen. Mir sinn dat scho laang gewinnt d'Schoulorganisatioun ass gutt gemach. Ech fannen och d'Zuelen pro Klass ganz an der Rei och wann der mol mat 18 oder 19 dobäi sinn, dat war fréier vill méi héich. Di sproochlech Entwécklung an d'Gewaltpräventioun sinn fir mech déi zwee wichtegst Punkten. Wann d'Elteren sech doheem méi géinge mat de Kanner ofginn wier déi sproochlech Entwécklung och besser, dofir kennen d'Kanner net an dofir musse mir do eppes ënnerhuelen.

Den anere Punkt vun der Schoul, do hu mir vun der DP jo eppes virgesinn mee do schwätze mir herno driwwer. Mee soss si mir mat der Schoulorganisatioun d'Accord.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Très bien! All Partei hat d'Geleeënheet sech hei auszedrécken dann komme mir zum Vote. Déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

VOTE UNANIME

5. Finanzen

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Mir stëmmen d'Säz vum "Impôt foncier" a vun der Gewerbesteier, de Schäfferot proposéiert déi ze loossen wei lescht Joers, do si keng Neiegkeeten. Sinn do Wuertmeldungen?

Da géing ech zur Grondstéier kommen, déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

VOTE UNANIME

Dann d'Gewerbesteier. Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech? Mat den Enthalungen vun der demokratescher Partei.

*** DOFIR: LSAP, déi gréng, CSV – ENTHALUNG: DP***

6. Kultur

6.1 Aschreiwung op den Inventär vun nationale Monumenter: Nationalt Biergaarbechter Monument an Grotte Léiffrächen

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Fänke mir un mat engem "mea culpa". Am Courrier vum Ministère steet en Délai, de verjuppt ginn ass vun eiser Säit. Mee mir hunn mat deene Responsabelen geschwat an sou kenne mir den Avis awer nach dem Gemengerot ënnerbreeden, ouni dass do géif e Problem entstoen. Also de Site, den ëmmer "Monument national des Mineurs" genannt gëtt, mee klasséiert war et net, ech weess och net wei d'Ëmstänn sinn, dass Saachen esou genannt sinn an se sinn et "de facto" net well op deenen zoustännegen Instanzen keng Décisioun geholl ass, mee " il n'est jamais trop tard pour faire du bien". Mir hunn also ugefrot an e positive Bescheed kritt vum Kulturministère fir d'Monument an d'Grotte ze klasséieren. Nodeeler entstinn eis keng, au Contraire. Um Monument stinn eng Partie Renovatiounsaarbechten un an wann e bis klasséiert ass besteet méi eng grouss Wahrscheinlechkeet, dass de Staat eis do wäert hëllefen.

Ech wollt de Gemengerot och informéieren, dat steet och schonn am Programm vum Syndicat d'initiative, dass de Grand-duc Henri de 27. September 2015 op déi 30. "Journée internationale des Mineurs" kennt. Dir sitt all häerzlech agelueden a mir machen en Appel un d'Populatioun fir sech un dem Evenement ze bedeelegen. Dat ass dann op dem Site vun dem mir haut schwätzen. Sinn do Wuertmeldungen?

Romain Becker (Conseiller, DP)
Dat ass scho laang iwwerfälleg, et représentéiert eise Patrimoine am Süden de ganz wierdeg gewise gëtt, et ass eng gutt Saach. Dodrun uknäppen sollt een och, dass mir, als nationalt Monument ze bezeechnen ass villäicht e bëssen iwwerdriwwen, mee mir hunn aner schützenswert Elementer déi eise Patrimoine uginn, zum Beispill eis "quais miniers" am Laangertengronn. Déi sollt een och klasséiere loossen fir sécher ze sinn, dass déi eis erhale bleiwen. Ech fannen et sinn déi visuell Elementer déi mir nach hunn, ech géing et begréissen fir do aktiv ze ginn fir déi schützen ze loossen an natierlech dono ze kucken, do wuessen d'Beem och schonn sou lues driwwer.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Gutt, wou den Här Becker mat Sécherheet recht huet, mir mussen versichen de Patrimoine z'erhalen. Am Kader vum Plan d'aménagement général kennt nach eng gréisser Diskussioun op eis duer, do sinn e puer fundamental Décisiounen ze huelen och wat d'Bausubstanz betrefft, ech machen hei e Renvoi op des Diskussiounen, wou een heiansdo muss driwwer diskutéieren, wat zwar eppes aneres ass wat den Domaine public betrefft, also d'Quaien, mee d'Diskussioun wäert am groussen stattfannen.

Camille Thomé (Conseiller, CSV)
Mir als CSV begréissen dat natierlech, och dass mat der Grott zesummen soll klasséiert ginn. Mir hunn eng Fro: do ass eng Kapell, gehéiert déi net dozou well déi verwahrlost ëmmer méi? Et hätt een kënnte probéieren déi mat eran ze huelen.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dat ass mir bekannt, ech hu schonn gelies, dass do mol gefrot war fir des als reliéist Gebai ze klasséieren, souwäit ech informéiert sinn huet de Bistum sech ëmmer gestrieft fir déi mat eran ze huelen. Ech weess net wéi eng Valeur déi Kapell huet an op weem senger Propriétéit se steet, da misst een eng Enquête machen. Wat eis interesséiert ass dat wat am Gemengegesetz ass, an dat sinn déi zwou Saachen. Do stellen sech nach vill Froen wat di Kapell betrefft, ass dat Staatsterrain, ass dat erhalenswäert, wien huet déi Autorisatioun ginn. Ech well elo d'Debatt net méi wäit maachen mee mir machen eng Enquête.

Camille Thomé (Conseiller, CSV)
Gi mir dat dann och gewuer?

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Jo! Dir kennt jo an all Sitzung nofroen bis mir méi Informatiounen hunn. (laachen)

Camille Thomé (Conseiller, CSV)
Soll ech e Bréif schreiwen? (laachen)

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dir kennt dat mëndlech maachen. Da si mir eis also eens, dass dat eng gutt Saach ass. Ech wollt nach zur Grotte soen, do sinn Problemer mat Fiichtegkeet festgestallt ginn, mee do wiisst eng Biche drop, an do kann näischt ënnerholl ginn ouni dem Bam ze schueden. Mir hu scho probéiert dat mat Goudrong an Macadam ze behiewen, mee do ass e Liewewiesen wat drop wiisst, do ass soss näischt dran da musse mir mat der Fiichtegkeet liewen.

Camille Thomé (Conseiller, CSV)
Et wier villäicht gutt, dass dir dat elo séier ugitt, dass das fäerdeg ass soulaang et nach Bäihëllef vum Staat gëtt. Wann dir dat esou laang schleefe loosst wei den Datum kréie mir villäicht keng Sue méi vum Staat.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Villäicht, oder wann et klasséiert ass kréie mir méi Suen ...

Camille Thomé (Conseiller, CSV)
Et ka sinn ... wann eng néi Regierung do ass. (laachen)

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Ech brauch vun iech nach en Vote ... Déi di d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall. Merci fir déi konsensuell Décisioun.

VOTE UNANIME

7. Personal

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
De Schäfferot proposéiert fir zwee Apprentissagen ze schafen, emol fir den "diplôme d'aptitude professionnelle d'agent administratif et commercial" fir d'Madame Laura Dostert an een "apprentissage adulte" fir de jonke Mënsch den an der Receptioun setzt, den Här Kevin Krier, vun deem hate mir schonn méi oft riets, mir hu sei Kontrakt verlängert bis en dann mat ärem Accord kann den 15. September 2015 ufänken mat sengem Apprentissage. Wuertmeldungen? Mir als Schäfferot sinn der Meenung, dass mir als "Institution publique" och d'Obligatioun hunn fir Leit auszebilden, dat maache mir och am Gemengenatelier. De Privatsecteur, ouni eppes wëllen dogéint ze soen, dat stelle mir fest, zitt sech ëmmer méi aus deene Stage an Apprentissage Geschichten eraus, mir ginn iwwerschwemmt vun Demande fir Stagen. Wiert dir iech?

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Also am Privatsecteur gëtt ganz vill ausgebilt, do musse mir awer ganz gutt oppassen wat mir soen.

Romain Becker (Conseiller, DP)
Jo!

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Ech si frou dat ze héieren, dann hu mir als Gemeng trotzdem nach ëmmer eng Verpflichtung ...

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Dat ass guer keen Zweiwel.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
... fir Leit auszebilden, ass dat besser libelléiert, Här Becker?

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Domat kenne mir liewen, mee ausgebilt gëtt am Privatsecteur, d'Lëtzebuerger hunn zwar d'Tendenz bei de Staat schaffen ze goen ...

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Sitt dir zwee iech eemol eens?(laachen)
Ass nach eppes zu deem Punkt ze soen?

José Gonçalves (Conseiller, CSV)
Als Betrib kann ech nëmmen begréissen, dass d'Gemeng sech engagéiert fir Leit auszebilden, well ech ginn och beschoss mat esou Demanden, ech ka mir virstellen, dass dat hei net anescht ass.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Et kann een net verallgemengeren, et gi vill Betriber déi Leit ausbilden. Ech stelle fest, dass meng Schüler immens vill Problemer hunn fir eng Stagesplaz ze fannen, dat muss een och feststellen, dass d'Demande méi grouss ass wei d'Offer. Dofir ass et wichteg dass mir als Gemeng och eis Verantwortung huelen.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Ech begréissen et och dass d'Gemeng hiren Deel bäidréit, et kann net sinn, dass d'Privatwiertschaft ausbilt an d'Gemeng an de Staat profitéieren vun de Leit.
Anerersäits well ech bemierken dass duerch d'Reform vun der "Formation professionelle" d'Zuel vun de Stagen eropgeschrauft ginn ass, et falen der vill méi un souwuel déi de Gemengen a bei de Betriber.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dat wéist, dass mir e Problem hunn, "d'un point de vue législatif" leeën mir d'Lat méi héich mee et ass keen hannendrun deen dat kann erfëllen, mir probéieren alt en Deel ze kompenséieren als Gemeng. "Dont acte", den Här Becker an Daubenfeld waren sech op deem Punkt eens, da gi mir zum Vote iwwer. Déi di d'Accord sinn mat dem Apprentissage DAP bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech? Nee.

VOTE UNANIME

An dann den "Apprentissage adulte" fir den Här Kevin Krier bieden ech em en Handzeechen? Ass een dergéint? Enthält een sech? Ass net de Fall.

VOTE UNANIME

8. Punkte vun de Conseilleren Jean Weiler, Patrick Krings an Romain Becker

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Da komme mir zu de Punkten vun de Conseilleren. Et hängt also of vun iech als Froesteller wei laang mir nach hei setzen ze schmoren, mee dat soll keng Contrainte sinn, mir ginn eens. Wien fänkt un?

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Ech hu mat kritt, dass se sech op der Beetebuerger Gemeng beklot hunn, dass op Säiten vun der Kayler Gemeng sech an der Saach Pompelstatioun op der Toussaintsmillen sech näischt géing réieren. Dat ass Folgendes: am Kader vun der "Wasserrahmenrichtlinie" vun 2008 si eng Rei Moossnamen festgehal ginn fir d'Qualitéit vun eise Gewässer ze verbesseren dozou gehéiert och d'Klären vun eisem Ofwaasser. Dat vill Reewaasser wat an d'Kläranlagen kennt mech d'Klärung ... d'Qualitéit vun dem Waasser méi schlecht, do hunn ech erausfonnt, dass um Terrain vun der Gemeng Kayl fir d'éischt sollen siwen "bassins d'orage" gebaut ginn an eng Pompelstatioun, déi wéint der Iwwerlaaschtung vum Kanal, een Deel vum Ofwaasser wann et reent an den neie Kanal laanscht d'Autobunn soll gepompelt ginn. Natierlech sinn eis Nopeschgemengen do betraff, zemools Beetebuerg well den Kanal zum Deel op hirem Terrain leit. Si hunn zum Deel scho Mesuren an d'Weeër geleet an dofir wollt ech froen wei wäit des Projeten de Moment ausgeschafft sinn. Wéi eng präislech Envergure kréien se an a wéinegem Zäitraum sollen se realiséiert ginn a wisou sinn se net méi schnell an Ugréff geholl ginn, well d'Subside vum Staat do ofhuelen. Et ass esou, dass wann eng "Etude préalable" virum 1. Oktober 2010 gemaach ginn ass an den definitiven Projet virum 1. Juli 2015 agereecht gi wär, wären 90 Prozent bäigesteiert ginn. Wann ouni déi Étude e fäerdege Projet virum 1. Juli 2015 agereecht gi wär hätte mir 75 Prozent kritt, de Moment ginn et nach 65 Prozent. Dat ass well et schleefe gelooss ginn ass, schonn eng grouss finanziell Envergure fir eis Gemeng.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Dierf ech iech och eng Fro stellen Här Weiler? Wa mir fir déi siwen Ouvragen en Emprunt vun 10 Milliounen Euro missten maachen, géing d'CSV deen da matstëmmen? Just emol ...

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Ech weess net wéi eng Envergure dat huet ...

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Nee, et war just mol eng Fro an d'Landschaft.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Wa mir 90 Prozent vum Staat bäigeluecht kritt hätten, wier dat net méi esou vill.

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP)
Mir haten bei der Nuelschoul an der Zäit e "Bassin d'orage" gebaut, do hat de Staat sech engagéiert eppes iwwert 1 Millioun bäizeleeën, deen der dunn awer 2,5 kascht huet. Do hu mir gewaart a gewaart, well de Staat sot dir kritt déi Suen nëmmen wann dir d'Waasserstrooss sanéiert an dat Waasser an d'Bach leed, dat huet do joerelaang gedauert bis mir déi Sue kritt hunn. Ech well drun erënneren, déi Aarbechten an der Waasserstrooss well ech net a Fro stellen, déi ware laang néideg. Ech war laang am Conseil dobäi, 28 Joer fir et net ze soen, et war ni riets dass do eng "Condition supplémentaire" vum Staat géing dru gehaang ginn. Wann de Staat esou well mat der Gemeng Kayl ëmgoen, da fannen se mech. Mir hu gefrot fir eis Etude iwwer de "Réseau d'assainissement" vu Schroeder & associés, fir déi subventionéiert ze kréien, do krute mir gesot de Staat leet esou vill bäi. Do hu mir awer préiwe gelooss ween schlussendlech déi Prozentsäz festleet, well souwäit ech mech kann erënnere huet de Législateur nach ëmmer dat lescht Wuert hei an dësem Land, mir sinn net an enger Bananerepublik, mir sinn hei an engem "Etat de droit" an wann hei Tauxen festgeluecht ginn, géing ech nawell gäre wëssen wou déi stinn. Dofir hu mir fir déi "Etude d'assainissement" iwwer de Maître Rodesch en "Recours gracieux" beim Minister gemach, dat ass un d'Wasserwirtschaftsamt gaang. Ech dierf iech da virliesen wat de Maître Rodesch den 6. Mee geschriwwen huet. "Je reviens sur le Recours gracieux du 6 février 2015, qui à ce jour n'a pas encore eu de réponse." Sou, mir machen dann elo mol e klenge Rappel. Mir hunn nämlech gesot, déi Tauxen déi do fixéiert sinn, wou stinn déi? Et ass e Finanzéierungsbedarf, wou de Staat och seng Responsabilitéite muss huelen, mir kréien vun uewen erof gesot dir musst dëst an dat maachen, a wann dir net paréiert bezuele mir net mat. Domat muss een net onbedingt d'Accord sinn, ech sinn net de Lakai vum Staat, dat well ech kloer an däitlech soen. Mir sinn als Gemeng net nëmmen "Receveur d'ordres" vun uewen erof, et geet och em d'Finanzen vun der Gemeng. Déi Suen déi mir an de Buedem stiechen hu mir villäicht net fir eng Schoul ze bauen, dat sinn déi Konsequenzen déi een sech muss bewosst sinn. Et ass richteg, dass dir de Fanger op déi Wonn leet, Här Weiler, dat ass och kee Problem. Ech muss kloer soen et ass en Dossier vum STEP, mir als Gemeng wëssen, dass et schonn zanter Joeren Traktatiounen ginn fir déi Pompelstatioun ze bauen. Wei ass et mam Foncier, wei ass et mam Plan sectoriel, wei ass et mat Kayl Norden, do stellen sech nach eng Partie Problemer. Wann de Projet iwwer de STEP amorcéiert gëtt, loosse mir natierlech gären mat eis schwätzen. Mee dat éischt ass wann mir eng Pompelstatioun wëlle bauen, musse mir awer Propriétaire vum Terrain sinn. Mir hunn do eng kleng Parzell mee déi läit anscheinend net optimal fir déi Pompelstatioun ze bauen. Et ass awer net, dass an dem Dossier e "Courrier chargé" war, de STEP war bei eis an huet no eiser "Etude d'assainissement" gefrot. Déi hu mir dann an Optrag ginn bei Schroeder & associés, an der anerer Saach, der verspäre mir eis net, mir musse just eng Äntwert hei drop hunn. Wa mir wëssen wéivill de Staat eis hei subventionéiert, wësse mir och wéivill en eis subventionéiert bei der Pompelstatioun. Mee ech soen iech, fir d'Gemeng Kayl ass dat doudegt Kapital. Wann et da geet wei bei der Nuelschoul waarde mir Joeren op eis Suen, a fir déi ze kréien musse mir och nach investéieren. Also, et ass einfach ze soen, dir maacht är Aarbecht net, mee esou ass et definitiv net.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Ech hat jo véier Froen, déi éischt, wei wäit de Projet bis elo ausgeschafft ass ...

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Also d'STEP Gemengen hu schonn ganz kloer Vuen wei dat soll ausgesinn, entschëllegt Här Weiler wann ech lech an d'Wuert falen. Mir mussen awer wëssen wou mir usetzen. Mir kennen de schéinsten Ouvrage plangen, wa mir awer keng Plaz hu wou mir Propriétaire sinn ... da musse mir nach mam Propriétaire en Accord fannen fir den Terrain ze kafen, mir bauen jo net um Noper säin Terrain. Dat war an der Zäit, och wann den Här Thomé ëmmer op eis ronderëm klappt, déi Zäiten wou um Bauer Trausch seng Terrainen gebaut ginn ass, dat war net elo ... den Bassin um Kalebierg steet, oder stoung deelweis um Bauer sengem Terrain, dat machen ech net, ech hunn et, au Contraire, regulariséiert mam Bauer Trausch.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Déi präislech Envergure, dir hutt gesot et wär fir 10 Milliounen Schold ze machen ...

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Dat war einfach an de Raum gesot!

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Dat heescht et ass net kloer wat dat wierklech kascht?

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Nee dat wësse mir net.

Ech well och soen, dass de Plang vun deenen siwen Ouvragen, do sinn der eng Partie gebaut. Do war och een geplangt iwwerhalb vun eisem Gemengenatelier. An den huet de Marcel Wilwert deemools mam Wasserwirtschaftsamt suppriméiert an do Kanalréier geluecht

déi bis an de Bassin bei der Nuelschoul, den ass anscheinend net noutwenneg. Mee déi "étude d'assainissement" muss déi Saachen do awer "zu Tage" bréngen.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Meng zweet Fro: de Policebureau zu Kayl ass zanter enger Zäit net méi a Betrib, an do steet, dass et aus déngschtlechen Ursaachen ass. Wësst dir bis wéini dat ass?

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Den néie Commissaire, den Här Schroeder war gëscht am Schäfferot fir sech virzestellen, hien huet eis säi Misère gezielt. Hien huet am CP Käldall aacht Agenten, een dovun ass détachéiert "à long terme", een ass am Congé de Maternité, een kennt gläich an de Congé de Maternité, zwee sinn de Moment am Congé de récréation, ech schätzen do vun der Situatioun op den Datum vu gëschter. Bleiwen der nëmmen dräi fir de ganze Betrib. Hien seet, zënter dass Leit vun der Police aggresséiert gi sinn, dierf och kee méi alleng sinn, sou dass och Problemer sinn den Bureau zu Rëmeleng ze besetzen, si hu massiv Problemer. Bon, dat ass duerch d'ganzt Land esou, et sinn aacht Kaderplazen. Wanns du 4 Leit hues déi am Congé de Maternité sinn, si véier Kaderplazen net besat mee et huet een awer en Effectif vun aacht. Hien huet eis gesot, dass hien nach emol géing mat senger Hierarchie driwwer schwätzen, mee fir de Moment ass et eisem Chef vum CP net méiglech dësen Déngscht ze leeschten. Wann dat esou ass musse mir dat no baussen bréngen, et huet kee Wäert e Schëld un d'Dier ze hänken. D'Gemeng Kayl huet jo investéiert an de Büro, et ass geschafft ginn, en ass och ageweit ginn mam Minister, an elo ass kee méi do. Wei dir gelies hutt mat der Policereform, eise Frënd a fréieren Schäffen Etienne Schneider well 320 Beamten astellen, well der 120 an Pensioun ginn an nächster Zäit. Wou en dann déi 320 Mann a Fra siche geet déi den Exame packen, dat steet op engem anere Blat. Dee massiven Drock besteet net just an eiser Gemeng, dat ass awer net fir een z'entschëllegen. D'Fakten léien einfach um Dësch, dass si materiell déi zwee Enner net zesumme kréien.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Ech fannen dat och en relativ bedauerlechen Zoustand, et ass sécherlech net dem Commissaire an dem CP Käldall hir Schold, dass d'Situatioun esou ass. Congé de Maternité ginn net temporaire ersat, déi sinn einfach fort an si kréien keen neit Personal. Ech betruechten et mat Suerg, dass Diskussioune sinn fir CPen zouzemaachen, nodeems mir nei Bureauen opgemaach hunn, fir méi Polizeipräsenz an der Gemeng ze hunn. Et ass wichteg eng Police ze hunn déi sech mat de spezifesche Problemer an enger Gemeng kann identifizéieren, et ass jo net esou dass d'Besoinen an den "Taux de criminalité" an all Gemeng d'selwecht sinn.

Romain Becker (Conseiller, DP)
De Käldall huet elo em déi 13.000 Awunner an dräi Polizisten. Nuets guer kee méi. Dat ass eng Katastroph. Et ass zënter Joeren nëmmen méi zou gemach ginn an ëmmer manner. Congé de Maternité ass eng Tatsaach. An all groussem Betrib weess een, dass een en Drëttel méi Personal muss hunn fir Congéen an Krankeschäiner kennen ofzedecken, dat schéngt fir all Betrib ze gëllen, just net fir eis Police. Eis Police um Terrain, bei 13.500 Awunner ass sou wichteg well si den Terrain kennen, hir Clienten kennen, well se wëssen wou se musse fueren. Ech mengen ech ka mat Recht behaapten, dass eis Leit ëmmer séier konnten agräifen well se wossten wou wéieng Strooss wär. Mir hu keng Police méi am Käldall, soen mir et einfach mol esou, et ass eng Katastroph dat do an et kann een nëmmen haart genuch jäitzen, dass eppes geschitt. Do muss eppes geschéien, den Här Schneider huet wuel eng Actioun lancéiert, ganz salopp ausgedréckt, mee dat muss séier goen. Et nëtzt eis näischt op déi Escher Police hei ze waarden, well do ass d'Situatioun och net besser. An haut Polizist ze ginn, et muss een d'Leit bewonneren, dass se dee Mutt hunn, ech well keen entmuddegen et ze machen, et gëtt villäicht besser wann se zu méi sinn. Déi Ursaachen, déi sozial Zesummesetzung vun den Uertschaften weist einfach ... mir hu virdun iwwer d'Schoulorganisatioun geschwat, mir wëssen also wéi et bei de Kanner ausgesäit, wéi et an de Famillen ausgesäit, mir gesinn, dass e Bedarf hei ass, et muss dringend reagéiert ginn, an ech denken, dass mir iwwer d'Fraktiounen eraus fuerderen, dass hei méi muss geschéien.

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Dat ass konsensträchteg.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Kann d'Gemeng do net intervenéieren an en Opruff machen fir Leit ze détachéieren op Kayl, fir déi Situatioun e bëssen ze verbesseren?

Stëmmen duercherneen
Vu wou?

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Här Weiler, dat geet e bëssen méi wäit, mir sinn hei eréischt um halwe Wee. Bei der Polizeireform besteet d'Méiglechkeet, dass sämtlech "Commissariats de proximité" verschwannen. Ech géing proposéieren, dass mir als Gemengerot eng Resolutioun huelen fir de Staat z'invitéieren, dass hei am Kayldall eng Proximitéit vun der Police erhale bleift. Mir hunn einschlägeg Erfahrungen, dat huet näischt mam "Centre d'interventioun" vun Esch ze dinn, dat huet de Kommissar selwer gesot. Et ersetzt näischt d'Präsenz vun deene Leit um Terrain, déi den Terrain kennen. Ech proposéieren, dass mir am nächste Conseil driwwer schwätzen dann hu mir d'Zäit

de Projet vun der Polizeireform ze studéieren, dat huet mengen ech nach kee gemach. Bei verschiddenen Servicer hu mir den Nodeel, dass mir tëscht Esch an Diddeleng léien, do geet einfach gesot ob anere Stellen mir machen den Dingscht mat.

Romain Becker (Conseiller, DP)
Als Liberal si mir jo bestëmmt net déi, di jäizen fir méi Staat a méi Police mee hei huet de Staat eng Aufgab, et geet em d'Sécherheet vun de Bierger an et ass sécherlech kee Luxus, hei kennt de Staat senger Aufgab net no an et ass dat wat esou schlëmm ass.

Jean Weiler (Conseiller, CSV)
Mir begréissen är Initiativ fir die Resolutioun am nächsten Gemengerot ze huelen, dat ass eng ugepassten Äntwert ob déi Situatioun.

Dann de Poller an der rue Neiwiss zu Téiteng ass well dauernd ausser Betrib, dëslescht war en zwee Deeg an Betrib bis déi nächst Panne war. Mir wollte wëssen ob et net méi sënnvoll ass dëse Poller duerch eng aner Léisung z'ersetzen.

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Ouni bei Adam en Eva wëllen unzefänken, well et ass waarm. Déi Leit aus der Neiwiss sinn die eenzeg déi den Privileg hunn en "Accès réservé physique" ze hunn. Mëttlerweil si mir sou wäit en "Allgemeines Fahrverbot" opzestellen, dat interesséiert kee Mënsch méi. Mir hu jo ob der Jos Müller Strooss eng Einbahn gemach wéint der Situatioun op der Bréck, dat Schëld gesäit ee schonn aus 5 Kilometer Entfernung, sou grouss hu mir dat misste machen, dass keen an d'Einbahn erafiert. Mir haten die Leit aus der Neiwiss hei well se sech beklot hunn wéint der Schoul. Et ass dat Thema mat den Incivilitéiten, d'Leit parken Garagenafaarten zou etc.

Ufanks hu mir gesot mir machen en "allgemeines Fahrverbot" dat huet näischt gedingt. Do hu mir Parkplazen agezeechent an d'Leit déi erafueren mussen sech ob déi Plazen parken, dat huet och näischt gedingt. Do hu mir gesot "wenn alle Stricke reissen" kritt dir e Poller. Fakt ass, all déi Leit déi an de Poller rennen si Leit déi missten ortskundeg sinn.

Si mir eis eens? Well all déi di de Code hunn, sinn déi di do wunnen. Wou mir eis och eens sinn, wann eng rout Luucht do ass, bléift een am Prinzip stoen. Ech soen am Prinzip, well och dat ass haut net méi evident. Ass dat well d'Luucht op der lénker Säit ass, ech weess et net, mee dir hutt Recht, en ass oft " en panne", dofir hu mir en Devis gefrot fir eng Barrière ze machen. De Service Technique huet an der Zäit ëmmer ofgeroden fir Barrièren ze machen well déi ëmmer futti gemach ginn. Un der Barrière vum Centre d'intervention an der Faubourgsstrooss hunn d'Kanner dru geklunscht dann war d'Barrière och ëmmer futti. Fir de System hunn se elo eng Léisung fonnt, do ass en Elektromagnéit, den zitt d'Barrière un an hält se an der Plaz, dat heescht et kritt een se net ausgehiewelt. Mee egal wat mir machen, et muss ëmmer unkaputtbar sinn, mir hunn en Devis gefrot, 5.000 Euro, déi ass mat Sécherheet net unkaputtbar, mee ech well awer, dass mir hei diskutéieren, well mir hunn e prinzipielle Problem. Déi Leit hunn de Confort vun engem Poller, aner Citéen an Plazen machen mir net d'Dier op fir aner Revendicatiounen. Dat ass déi grouss Fro déi sech dem Gemengerot stellt an déi hätt ech gär geléist.

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng)
Ech schléisse mech där Fro un, mat wéi engem Argumentaire kenne mir soen de Poller an der Neiwiss bleift bestoen an Revendicatiounen vun anere Plazen, deene refuséiere mir dat? Mir hunn nach aner Plazen, bei anere Schoulen wou d'Verkéierssituatioun zu de Spëtzestonnen net einfach ass. Wou zéie mir d'Grenz?

Ech verstinn dass d'Leit an der Cité immens geplot sinn vun dem "Rush", der Autosschlang déi do era fiert an Ausfaarten zouparkt etc. Wat garantéiert eis, dass déi Barrière net direkt nees futti ass, dat ass eng Situatioun déi stänneg wäert esou bleiwen.

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Hei gëtt et Antécédanten, mir hate mat de Leit déi hei waren e Plang ausgemaach. Ech well drun erënneren, dass mäin verstuerwene Kolleg Will Hoffmann zu Rëmeleng an der Sauerwiss och e Poller opriichte gelooss huet. Do sinn och ëmmer Leit dra gerannt, ech weess net firwat, mee deen war och ëmmer futti. Wann den Drock därmoosse grouss ass an der Cité, do hu mir schonn eng Décisioun geholl, elo ass et just d'Technik déi changéiert. Ech well awer är Meenung wëssen, ob mir weiderhin do eng physesch Begrenzung halen oder net.

Romain Daubenfeld (Conseiller, LSAP)
Et ass jo net nëmmen de Poller an der Neiwiss, et ass och déi um Widdem. Et muss een eppes machen bei de Schoulen fir d'Sécherheet vun de Kanner ze "gewährleisten". Ob do muss e Poller sinn. Ech wunnen och an der Cité mee baussen ... ech hunn keng "strong feelings" ob een do eppes muss machen. Dat huet ganz vill mat der Discipline vun de Leit ze dinn, déi di dohi kommen an sech stellen wei d'Schwäin, soen ech lo mol, an dann eng gewëssen Onsécherheet bei de Leit herrscht.

Marcel Humbert (Schäffen, LSAP)
Hei war et esou, Uganks 90er Joeren ass déi Cité entstan an do sinn och keng Trottoiren gemach ginn, zwar Parkplazen mee keng Trottoiren. Do hu vill jonk Famille gewunnt an d'Kanner hunn an der Strooss ge-

spillt. Wou dann d'Leit an der Mëttesstonn an Owes heem gerannt komm si sinn déi Reklamatiounen entstanen, do ass de Poller entstanen. Ech well elo keen Numm nennen mee ech hunn en Telefon kritt an war op d'Plaz kucken, do war eng Madame déi gesot huet "de Poller ass elo zwou Wochen net gaangen, ech hu gemengt dat wier elo esou". Si huet net ob d'Luucht gekuckt, mee d'Luucht war awer rout. Eise Service Technique huet alles nogekuckt, de Poller ass nees gaangen, mee si ass engem nogefuer an 2-3 Sekonnen duerno geet den an d'Luucht an si uewendrop. An dat war eng Dame déi do gewunnt huet, nëmmen fir ze soen. Et kommen ëmmer nees Kanner an déi Cité wunnen dofir ass dat ze verstoen, ech sinn och schonn oft gefrot ginn fir eng Barrière.

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
Also Fro an de Raum: wëlle mir d'Technik changéieren?

José Gonçalves (Conseiller, CSV)
Ech géif soen kee Poller dohin a keng Barrière. An da geet de Pechert e puer Mol méi oft dohin an da wäert dat schonn an d'Rei goen. An da kenne d'Mammen e puer Meter goen mat de Kanner.

John Lorent (Buergermeeschter , LSAP)
